N°559
Entrée le 02.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Persounen, déi net averstane sinn mat der Aart a Weis, wéi hir Steiererklärung vun hirem Steierbüro opgestallt gouf, kënnen dogéint ee Recours maachen, entweder bei hirem Steierbüro, oder beim Direkter vun der Steierverwaltung (Service contentieux), oder duerno um Verwaltungsgeriicht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Recoursen goufen zënter 2018, opgeléscht pro Joer, beim Direkter vun der Steierverwaltung agereecht?

2. Bei wéi ville Recoursen beim Direkter vun de Steierverwaltung waren méi wéi ee Steierjoer vun engem Steierzueler betraff? Aanechters gefrot: wéi vill Leit hunn fir e puer Steierjoren op ee Schlag reklaméiert?

3. Wéi oft ass et vun 2018 bis 2023 (opgeschlësselt pro Joer) zu Zwangsandreiwungen (recouvrement forcé) komm?
   A wéi ville Fäll gouf d'Zwangsandreiwung ouni weidere Recours realiséiert an a wéi ville Fäll gouf d'Zwangsandreiwung no engem Recours realiséiert?

4. Op meng Fro n°5955 krut ech d'Informatioun, wéi vill fiskal Dossieren tëschent Mäerz 2017 a Mäerz 2022 um Verwaltungsgeriicht gelandt sinn betreffend der Steierverwaltung. 168 Mol krut de Steierzueler Recht.
   - Kann d'Justizministesch dës Zuelen ergänzen mat den Zuelen vun 2022 bis 2024?
   - Bei wéi ville vun dësen Affairen krut de Steierzueler Recht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°559 vum 2. Abrëll 2024 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen**

Den éierbaren Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mat de Recourse virum Direkter vun der Steierverwaltung. Déi gefroten Zuele sinn a follgenden Tabellen zesummegefaasst.

**Ad 1.** Déi 1. Tabell ëmfaasst souwuel d'Reklamatiounen no § 228 vun der Abgabenordnung (AO), ewéi och d'Recours hiérarchiques formels no de §§ 237 an 303 vun der AO :

| Steierjoer | Gesamtzuel vun de Recourse virum Steierdirekter |
|---|---|
| **2018** | 1.503 |
| **2019** | 1.661 |
| **2020** | 1.388 |
| **2021** | 1.582 |
| **2022** | 1.710 |
| **2023** | 1.832 |
| **2024** | 592 |

**Ad 2.** D'Zuel vu Recourse betreffend méi Steierjore sinn hei drënner opgefouert :

| Steierjoer | Recoursen déi mei wéi ee Steierjoer betreffen |
|---|---|
| **2018** | 275 |
| **2019** | 287 |
| **2020** | 231 |
| **2021** | 384 |
| **2022** | 363 |
| **2023** | 388 |
| **2024** | 53 |

**Ad 3.** Follgend Tabell renseignéiert d'Unzuel vun de Contrainten, déi zesumme mat engem Commandement vun engem Agent de Poursuite an de Joren 2018 bis 2023 zougestallt gi sinn :

| Joer | Zuel vun den zougestallte Contrainten |
|---|---|
| **2018** | 8.705 |
| **2019** | 8.870 |
| **2020** | 7.355 |
| **2021** | 8.692 |
| **2022** | 8.381 |
| **2023** | 9.773 |

Et leie keng Zuele vir iwwert d'Zwangsandreiwungen, déi a Relatioun sti mat engem Recours, well et technesch net méiglech ass, ee Lien ze maachen, tëschent den Dossiere, wou mat de Poursuitten ugefaange gouf an deene Fäll, wou parallel ee Recours virun der Verwaltungsgeriichtsbarkeeten lancéiert gouf.

**Ad 4.** Insgesamt huet de Steierzueler 16 mol Recht kritt. Hei muss een awer präziséieren, dass vill Urteeler betreffend déi ënne genannte Joren nach net gesprach goufen :

| Joer | Affairen um Verwaltungsgeriicht |
|---|---|
| **2022** | 206 |
| **2023** | 197 |
| **2024** | 26 |

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth